LSAP

n° 4064

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2021

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Fonction publique weiderzeleeden.

D'Chargés de cours sinn zu engem wichtegen Acteur am Fonctionnement vun der ëffentlecher Schoul ginn. Et misst dofir och selbstverständlech sinn, dass hir Salairë konform a wéi virgesinn ausbezuelt ginn. Ëmmer rëm héiert een awer, dass d'Chargéë méintelaang op hir Pai musse waarden.

An deem Zesummenhang wëlle mir dem Här Här Minister fir d'Fonction publique dës Froe stellen:

- Weess de Minister vun deementspriechende Problemer wat d'Ausbezuele vun de Salairen un d'Chargé de cours ugeet?
  Wann jo, wourunner läit dat? Wéi wëll de Minister deem entgéint wierken?
- Wéi vill Chargés de cours sinn aktuell am Lëtzebuerger Schoulwiesen aktiv? Well et ganz verschidde Kontrakter fir dës Chargéë ginn, wollte mir de Minister froen, wéi vill Chargéen aktuell ënnert wéi engem Statut agestallt sinn?
- Fir d'Bezuele vun dëse Chargéë gouf en Avancesystem an d'Liewe geruff. Aus wéi enge Grënn gouf dëse System agefouert a wéi héich sinn déi Avancen? Wëssen d'Leit um Terrain iwwert dëse System Bescheed a wéi oft gëtt deen an Usproch geholl?

Mat déiwem Respekt,

| | |
|---|---|
| Mars Di Bartolomeo<br>Deputéierten | Francine Closener<br>Deputéiert |

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'Fonction publique a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n°4064 vum 12. Abrëll 2021 vun den honorabelen Deputéierte Francine Closener a Mars Di Bartolomeo iwwert Chargés de cours**

Déi an de Rekrutement an d'Gestioun impliziéiert Servicer vum Educatiounsministère hunn esouwuel fir d'Rentrée 20/21 wéi och wärend dem lafende Schouljoer een héije Contingent un neien Agente rekrutéiert.

Scho wärend de Summerméint goufen d'Personaldossiere vun den Agenten, déi op d'Rentrée agestallt goufen, completéiert an do, wou Pièce gefeelt hunn, goufen d'Agenten opgefuerdert, se nozereechen. Bei dësen Dossieren huet de spéiden Transfert vun den erfuerderleche Pièce bei vereenzelten Agenten zu Retarden a punkto Paiement vu Salairë gefouert.

Wärend dem Schouljoer goufe kontinuéierlech nei Agenten agestallt, fir entweder op Basis vun engem zäitlech begrenzte Kontrakt fir een Engagement iwwer dräi Méint oder via Deklaratioun fir punktuell Interventioune fir hir Aarbecht an de Lëtzebuerger Grondschoulen entlount ze ginn.

Bedéngt duerch déi aktuell sanitär Kris am Kontext vu COVID-19 huet sech an der Mëtt vum 1. Trimester ënnert anerem wéinst der Klassifizéierung vun de schwangere Fraen als vulnerabel Persoune séier ofgezeechent, datt een héije Contingent un Agente misst bereetgestallt ginn, fir am Kader vun de Remplacementer vum Léierpersonal an de Grondschoulen zur Verfügung ze stoen. Aus deem Grond goufen déi legal Dispositiounen, déi d'Konditioune festleeën, ënnert deenen Agenten an der Lëtzebuerger Grondschoul dierfe Remplacementer assuréieren, ugepasst. Dat huet dozou gefouert, datt sech eng Hellewull un neien Agente bereeterkläert hunn, fir bei Bedarf d'Léierpersonal ze ersetzen. D'Remplacementer vum aktuelle Schouljoer, déi op Deklaratioun bezuelt ginn, goufe vun 936 ënnerschiddlechen Agenten assuréiert, vu deene 480 Agenten dëst Joer fir d'éischt am Enseignement fondamental intervenéiert sinn. Een Total vun 959 Agenten intervenéieren aktuell op Basis vun engem zäitlech begrenzte Kontrakt an de Lëtzebuerger Grondschoulen, fir hei Remplacementer ze assuréieren oder bei der Ëmsetzung vun Differenzéierungsmesurë matzehëllefen.

Am Fall vun Iwwerschneidungen, wou Agenten, déi virun engem zäitlech begrenzte Kontrakt via Deklaratioun bezuelt goufen, huet missen eng héich Unzuel u Personaldossieren erstallt ginn, fir de Paiement vun de concernéierten Agenten ze erméiglechen. Vu dës Unzuel vun neie Personaldossieren an de punktuell schleefenden Transfert vun den heifir néidege Pièce duerch d'Agenten ass et effektiv zu Retarde bei de Paiementer vun den Indemnitéite respektiv de Remuneratioune fir dat concernéiert Personal am Enseignement fondamental komm.

Fir de Retarde beim Ausbezuele vun de Salairen un d'Chargéen effikass entgéintzewierken ass d'Unzuel vun den Agenten aus dem Educatiounsministère, déi d'Personaldossieren erstelle respektiv completéieren, drastesch an d'Luucht gesat ginn. Dës Weidere goufen d'Prozesser, déi zum Paiement vun den Agente féieren, analyséiert an et goufen elo schonn éischt Adaptatioune virgeholl, déi dës Ofleef sollen optiméieren.

All Chargé, deen am lëtzebuergesche Schoulwiesen intervenéiert, schafft ënnert dem Statut vum Employé de l'État, sief et e Chargé de cours am Enseignement fondamental oder e Chargé d'enseignement am Enseignement secondaire. Trotzdeem ënnerscheet sech d'Form vun hirem Engagement relativ staark a Funktioun vun hirer Missioun.

*Am Enseignement fondamental:*

- **519** Chargés de cours (CDI), Member an der Réserve de suppléants;
- **293** Chargés de cours A2 (CDI), Member an der Réserve de suppléants;
- **940** Chargé de cours (CDD) vu bis zu engem Schouljoer;
- **936** Agenten, déi wärend dem aktuelle Schouljoer kuerzzäiteg Remplacementer assuréiert hunn.

*Am Enseigenemnt secondaire:*

- **1.426** Chargés de cours, d'éducation, d'enseignement an engem CDI;
- **148** Chargés d'éducation an engem CDD fir e kuerzzäitege Congé ze ersetzen.

Des Weidere ginn et och Chargéen an aneren Administratioune vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, wéi der Formation des adultes, der Formation professionnelle, dem Centre socio-éducatif de l'État, asw.

D'Méiglechkeet, Avancen ze bezuelen, ass am groussherzogleche Reglement vum 17. September 2004 (« fixant les conditions et modalités de l'octroi d'avances temporaires de fonds pour le paiement de dépenses de l'Etat ») virgesinn.

Dëst Reglement erlaabt et dem Personalservice eng Avance op déi geschëllegt Remuneratioun unzefroen, en attendant, datt säi Personaldossier fäerdeg traitéiert ass, an hien seng regulär Remuneratioun bezuelt kritt. De Montant, deen ugefrot gëtt, läit an der Reegel bei 80 % vun der regulärer Remuneratioun. Am Enseignement fondamental, wou et effektiv Retarde gouf, kruten Ufank Mee déi meescht betraffen Agenten, wou den Dossier et erlaabt huet, eng entspriechend Avance ausbezuelt.